FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# ASAM INFO – Oktober 2023

Kolleeginnen an Kolleegen,

De ***17. Oktober*** si eng 30 Agentinnen an Agenten um *Tribunal d'arrondissement* zu Lëtzebuerg vereedegt gi. Zesumme mat deenen Agenten déi scho virun der Summervakanz hiren Eed ofgeluecht hunn, an och deenen déi zu Dikrech vereedegt gi si missten all déi an onse Reien déi d'Konditiounen erfëllen elo hir **FPJ Befugnisser** kennen ausüben.
Prominent Ausnam ass wéi leider esou oft d'VDL, déi eisen Informatiounen no keen Agent vereedegen gelooss huet.

-------------------------------------

**Wichteg Info fir Quereinsteiger:**
Mir hunn eng ganz Rei Leit an eise Reien déi eréischt méi spéit de Wee an eise Beruff fonnt hunn. Deen een oder aneren huet eis matgedeelt datt si net interesséiert wiere den Promotiounsexamen ze maache well et sech fir si net méi géif lounen. *En vue* vum Reklassement vum Agent Municipal vum D2 an den D1 ass dat awer net méi wouer.

**Konkret:**
Am D2 huet ee de Promotiounsexamen misse packe fir an den Grad 4 ze kommen. (2,3,**4**,5,6,7)
Am D1 huet ee de Promotiounsexamen misse packe fir an den Grad 6 ze kommen. (3,5,**6**,7,7bis)
Mat **50 Joer** fält den Examen als Konditioun ewech an et kennt ee bis an de Grad 4 (D2) respektiv 6 (D1). Weider geet et dann awer net méi.
Mat **55 Joer** krit een Agent deen am Grad 7 respektiv 7bis ass automatesch de *fin de carrière* vun 320 Punkte bezuelt. Ass den Agent am Grad 6 krit hien automatesch de Schluss vum Grad 7 bezuelt: 272 Punkten. **Dëst geschitt** (ënnert der Form vun enger Primm déi *pensionable* ass) **nëmme wann de Agent den Promotiounsexamen gepackt huet** soss bleift en am Grad 6.

**Beispill:**
Een Agent (geb.1970) huet den 2017 bei der Gemeng als Agent Municipal ugefaangen.
Duerch de Reklassement kennt den Agent op den 01/07/2023 vum Grad 3 (D2) an de Grad 5 (D1)
Déi definitive Nominatioun war 2019, esou datt den Agent 2025 an de Grad 6 kennt egal op en de Promotiounsexamen huet oder net.
Ouni Promo: 208 Punkten am Grad 6 (+15 +12) bis en 2027 mat 57 an d'Pensioun geet.
Mat Promo: 272 Punkte *fin* Grad 7 (+10 +15 +12) bis en 2027 mat 57 an d'Pensioun geet.
Pro Mount si dat ronn 1600€ Brutto Differenz, bei zwee Joer also eppes iwwer **38000€.**
Ass den Agent 1975 gebuer gesäit een dat Ganzt nach méi däitlech, beim selwechte Parcours krit den Agent 2030:
Ouni Promo: 226 Punkten am Grad 6 (+15 +12) bis en 2035 mat 244 Punkten 60 an d'Pensioun geet.
Mam Promo: 272 Punkte bezuelt (+10 +15 +12) bis 2031 an de Grad 7 kennt an domat de *fin de carrière* vum Grad 7bis vun 320 Punkten (+10 +15 +12) krit bis en 2035 mat 60 an d'Pensioun geet.
Héi ass den Ënnerscheed zwëschent den 2 Agenten vun 2030 bis 2035 ronn **115000€.**

**Dat heiten si Beispiller, äre konkrete Fall misst ee natierlech individuell ausrechnen.**

-------------------------------------

**Bureaux :** 66, rue Baudouin L-1218 Luxembourg
☎ 621417535
**Adresse postale :** 66, rue Baudouin L-1218 Luxembourg
asam@fgfc.lu
www.fgfc.lu

**Iwwerbléck wat nach net operationell ass:**

1) APP fir *Sanctions administratives communales* auszestellen.

→ De Plang fir d'APP steet scho laang mee déi politesch Responsabel vum SIGI waren nach net prett fir de *feux vert* bei der Finanzéierung ze ginn. (dir wësst schonn: Skandaler, Récktrëtt an Gemengewalen)

2) Ee néie Reglement Typ fir d'Polizeireglement (duerch d'Verfassungsreform ass deen "alen" Reglement Typ net méi valabel).

→ Mir hunn dem MINT eng Propose erageschéckt a waarden op ee Retour.

3) Ausstelle vun ATen beim Offallgesetz a bei der Grenzfëscherei.

→ Den MINT schafft hei un enger Léisung.

D'Politik steet sech wéi esou oft selwer am Wee.

-------------------------------------

Mir si gespaant wien d'Zepter an deene fir eis wichtege Ministèren iwwerhëlt. Esoubal wéi et méiglech ass wäerten mir eng Entrevue bei der nächste Bannenministesch oder deem nächsten Bannenminister ufroen fir eis Dossieren weiderzebréngen.

## FGFC-ASAM

**Bureaux :** 66, rue Baudouin L-1218 Luxembourg
**Adresse postale :** 66, rue Baudouin L-1218 Luxembourg
621417535
asam@fgfc.lu
www.fgfc.lu